LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex DELLES a vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3241 vum 25. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.

1. Wéi analyséiert de Minister d'Positioun vun der Post Luxembourg an dësem Ëmfeld, wou d'Volummen zwar klammen, d'Margen awer duerch de gefalenen Duerchschnëttserléis pro Pak ënner Drock geroden?

De Colismarché ass e kompetitive Marché, deen sech duerch eng grouss Unzuel vun Acteuren an niddereg Margë charakteriséiert. POST Lëtzebuerg ënnersträicht, datt si op eng héich Qualitéit an innovativ Servicer setzt a konsequent a Logistik- an Distributiounsinfrastrukturen investéiert.

2. Gesäit de Minister am héijen Taux u Sous-traitance vu 85 % am Secteur e Risiko fir sozialen Dumping oder eng Prekariséierung vun den Aarbechtskonditiounen, an a wéi engem Mooss ass d'Post Luxembourg selwer vun dëser Praxis betraff oder ofhängeg?

Lëtzebuerg huet e staarkt Aarbechtsrecht, wat vun all Betrib hei am Land muss applizéiert ginn. Grenziwwerschreidenden Prestatairë sinn awer am Colismarché och eng Realitéit.

POST Lëtzebuerg weist drop hin, datt si bei der Pakdistributioun enk mat der Filial Inflow (fréier Michel Greco S.A.) zesummeschafft. Bei deenen zwee Acteure sinn d'Aarbechtskonditiounen iwwer Kollektivverträg gereegelt.

3. Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Post Luxembourg hir sozial Responsabilitéit als ëffentlecht Entreprise ka wouerhuelen, wann eng grouss Zuel u Konkurrenten oder Subunternehmer potenziell mat nidderege Sozialstandarden operéieren, fir d'Präisser ze drécken?

Post Lëtzebuerg weist drop hin, datt si zanter Joren op eng staark Integratioun vun den Distributiouns reseauë vun de Bréiwer a vun de Päck setzt. Dëst an innovativ Konzepter ewéi d'Points POST, d'PackUp Statiounen an de Service ‚PackUp Home' hunn et Post Lëtzebuerg erlaabt, an enker Zesummenaarbecht mat Inflow, kompetitiv um Marché ze bleiwen.

4. Ass d'Finanzéierung vum "Service universel" laangfristeg geséchert, wann de lukrative Maart vun de Päck ëmmer méi kompetitiv gëtt an d'Recetten aus dem Bréifverkéier weiderhi strukturell zeréckginn?

Bis Enn 2029 ass de Service universel duerch d'POST an hirer Qualitéit als « prestataire du service universel désigné » garantéiert.

Dat aktuellt Postgesetz (Loi modifiée du 26 décembre 2012 sur les services postaux) gesäit als Finanzéierungsméiglechkeet fir den Universaldéngscht d'Ariichtung vun engem " fonds pour le maintien du service postal universel " vir. Iwwert d'Aféierung vun esou engem Fong decidéiert den ILR, falls de Service universel néi méi kéint ofgedeckt ginn.

Iwwer di laangfristege Finanzéierung an d'Garantië vum „Service universel" gëtt um europäeschen Niveau diskutéiert, wou an den nächste Joren d'Schafe vun engem neien europäesche Kader virgesinn ass.

5. Gëtt et Iwwerleeungen, bei ëffentlechen Ausschreiwungen am Logistikberäich méi streng sozial Krittären anzeféieren, fir eng fair Kompetitioun vis-à-vis vun der Post Luxembourg ze garantéieren?

Et muss een hei kloer tëschent dem Postservice an dem allgemenge Logistikberäich ënnerscheeden. De Marché vun de Colis'en gëtt vu groussen internationalen Acteurë vum E-Commerce dominéiert. Op deem Marché ginn Opträg an de seelenste Fäll iwwert de Wee vun ëffentleche Mäert ausgeschriwwen.

Wat de postaleschen Universaldéngscht ugeet, esou kann dësen nom aktuelle Postgesetz no de Reegele vum Gesetz iwwert d'ëffentlech Mäert ausgeschriwwe ginn.

Luxembourg, le 08/01/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME, de
l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles